

(Interruptions diverses)

» M. le Président.- Also...

» Une voix.- ... 60-mol Parole après ministre, dat ass kee Problem!

(Brouhaha)

» M. le Président.- Voilà! Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zum nächste Punkt.

(Brouhaha)

Also, ech mierken awer, datt d’Nervositéit hei virun de Wahlen...

(Hilarité)

» Plusieurs voix.- Oooohhh!

» M. le Président.- ...leider an der leschter Sitzung elo Iwwerhand hält. Mir hunn elo mat Serenitéit déi lescht Wochen d’Débaten hei gemaach. Ech wär frou, wa mer géifen an därselwechter Serenitéit déi lescht Sitzung hei iwwert d’Ronne kréien.

» Une voix.- Très bien!

» Une autre voix.- Dir hutt jo „Hilarité“, Här President.

» M. le Président.- Iwwert dat, wat ech gesot hunn?

» La même voix.- Neen.

» M. le Président.- Très bien. De Projet de loi 6009, d’Ofännerung vum Budgets-gesetz. Den honorabelen Här Hauptert ass hei Rapporteur. Här Hauptert, Dir hutt d’Wuert.

9. 6009 - Projet de loi modifiant la loi du 19 décembre 2008 concernant le budget des recettes et des dépenses de l’État pour l’exercice 2009

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

» M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet 6009 amendéiert d’Artikele 26 iwwert de Fonds d’investissment public an 29 iwwert de Fonds des routes vum Budgetsgesetz fir d’Joer 2009.

Déi zwee Artikele lëschten déi Baute-projeten op, déi d’Regierung iwwert d’Investissementsfonge finanzéiere kann an déi keng gesetzlech Autorisatioun vun der Chamber bedingen.

Dëse Projet ass eng vun deene Mooss-namen, déi d’Regierung am Kader vum Konjunkturpak proposéiert, fir déi ekonomesch Aktivitéit bei eis am Land op Trapp ze halen. En zitt eng Rei vu Bauteprojete vir, déi d’Regierung eréischt fir déi kommend Jore geplangt hat an déi opgrond vun zwou anere Gesetzesmodifikatiounen, déi mer gëschter gestëmmt respektiv haut nach wäerte stëmmen, an déi zwou Lëschten nogedroe kënnen ginn.

Et handelt sech ëm de Projet 6007, dee vu mengem Kolleeg Lucien Clement hei virge-droe gouf an deen der Regierung erlaabt, verschidde Stroosseprojeten, preziséiert „Projets du domaine de la voirie normale“, och iwwert de Fonds des routes ze finanzéieren. Bis elo hunn déi Projeten am Kader vum normale Budget misse realiséiert ginn.

Anerersäits handelt et sech ëm de Projet 6011A, deen de Kolleeg Laurent Mosar elo gläich wäert hei presentéieren an deen de Seuil fir d’Realisatioun vun Infrastrukturprojete fir de Stat, iwwert deen e speziaalt Gesetz muss gestëmmt ginn, vu 7,5 Mil-liounen op 40 Milliounen eropsetzt.

Dës zwou Modifikatiounen erméiglechen der Regierung déi Projeten, déi sprochräif sinn a wéinst der Héicht vun dem Investissement respektiv dem Charakter vun der Stroosseninfrastruktur net konnten an déi Strooss agedroe ginn, elo an déi Lescht nozeschéissen.

D’Budgetsenveloppe fir déi nogedroe Projeten ze finanzéieren, beleeft sech op eng

Gesamtzomm vun 278.560.000 Euro. Dës Enveloppe affektéiert de Gesamtbetrag vun den Ausgabe vum Budget fir d’Joer 2009 net, well d’Projete jo iwwert de spezifischen Investissementsfong finanzéiert ginn.

Et sief och nach ervirzehiewen, datt déi 278 Milliounen net all dëst Joer verbraucht ginn, well déi meescht vun deene Projete sech jo iwwert e puer Joer erstrecken.

D’Berufschamberen an de Statsrot hunn de Projet favorabel aviséiert. De 16. Abrëll huet d’Chamberskommissioun mäi Rapport ugeholl a si proposéiert der Chamber de Projet, esou wéi en hei virläit, ze stëmmen, an ech bréngen och domat den Accord vun eiser Fraktioun.

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Hauptert. Den éischten agedroene Riedner ass den Här Berger.

Discussion générale

» M. Eugène Berger (DP).- Merci, Här President. Ech mengen, mir hunn hei de Rapport héieren. Dozou ass näischt weider bäizefügen. Mir géifen och als DP-Fraktioun den Accord zu dësem Projet de loi ginn.

» M. le Président.- Madame Mutsch.

» Mme Lydia Mutsch (LSAP).- Merci, Här President. Ech sinn och mandatéiert fir am Numm vun eiser Fraktioun eisen Accord zu deem dote Projet ze ginn.

» Une voix.- Très bien!

» M. le Président.- Wëllt soss nach een d’Wuert huelen? Jo, Här Gira.

» M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Merci, Här President. Ech wollt ganz kuerz Stellung huelen am Numm vun der grénger Fraktioun, am Numm awer och vum Franz Bausch, dee leider haut net kann hei sinn, deen déi Projeten eigentlech an der Finanz-kommissioun suivéiert huet. An eigentlech wëll ech déi zwee nächst Projete matenee behandelen, well ech hätt et eigentlech och méi logesch fonnt, wa mer fir d’éischt de 6011A gestëmmt hätten, well dat jo eigent-lech eréischt erméiglecht déi Projeten, déi mer elo beim 6009 op déi Lëscht huelen, op déi Lëscht ze huelen. Wa mer dat eent Gesetz net stëmmen, dann ass de Vote iwwert dat, wat mer elo maachen, eigent-lech iwwerflësseg.

Bon, elo kéint een, d’selwecht wéi ech gëscht gesot hunn, dass mer natierlech hellhöreg ginn als Gréng, wann een iwwert d’Impaktstudie wëllt ännere goen, kéint een och hellhöreg ginn a soen, elo wëllt eng Regierung de Contôle parlementaire iwwert eng Rei Projete verklengeren, andeems ee ganz einfach de Seuil, ab deem e Gesetz muss gemaach ginn, héicht. An esou wéi ech gëscht gesot hunn, dass mer bei der Impaktstudiedirektiv „gebranntes Kind“ sinn, wéinst engem gewëssenen, relativ bekannte fréiere Bauteminister, si mer an deem hei Domän vläicht nach méi „gebranntes Kind“, a grad och wéinst deemselwechte relativ bekannte fréiere Bauteminister.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Eng Rei vun lech kënnen sech nach vläicht erënneren, dass mir als Gréng am Kader vun der Kommissioun „Dysfonctionne-menter an dem Santéministère“ notam-ment déi hei Problematik och opgeworf hate fir de Bauteministère deemools.

Mir haten nogewisen, dass iwwert de Fonds des routes d’Surveillance vun den Auto-bunnen a Milliounenhéichte géif verdeelt ginn, ouni Ausschreiwung an ouni dass d’Chamber jeemools iwwert déi ganz Aus-gaben hei e Gesetz gemaach huet. An notamment hat ech och perséinlech eng Kéier opgeworf, dass de Bauteminister amgang wär, de CITA iwwer normal Kre-ditter vum Fonds des routes ze finanzéieren, ouni dass e Gesetz do komm ass.

Dunn hunn ech mer eng Kéier op engem Face à face op der Televisioun vun deem deemolege Bauteminister misse soe loossen, déi Gréng géife vill Brach verzielen. Bon, léif Kolleegen a Kolleginnen, wann ech nodréig-lech kucken, wat dee CITA kascht huet a wat en eis bréngt, nämlech just gewuer ze ginn, dass mer am Stau stinn, wa mer dra stinn, da géif ech deem deemolege Bauteminister déi Geschicht mam ville Brach ziele ganz gären zrëckginn a soen: Ech mengen, dee Baute-minister huet vill Mëscht gebaut.

» Une voix.- Très bien!

» M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Wann een awer elo gesäit, dass deen

heitege Bauteminister, zënter dass en do ass, a vläicht ass och eng vun den Ur-saachen am ënnerschiddleche Virgoen déi, dass deen heitege Bauteminister eng gewëssen Experienz an der Chamber hat par rapport zu deem, vun deem ech elo déi ganzen Zäit geschwat hunn, dat mierkt een duerch d’Bänk praktesch bei alle Leit, déi mol hei op der Chambersbänk souzen, déi hunn, wa se mol eng Kéier d’Säite wies-selen, meeschtens méi Verständnis fir dat héicht Haus hei. An dat kann ee wierklech dem Här Wiseler soen, dass zënter dass hien de Ministère iwwerholl huet, en alles dru setzt, fir souwuel en amont wéi en aval eng gutt Kooperatioun mat der Chamber anzegoen, fir Transparenz ze suergen, an dass een hei ëmmer kann novollzéien, wat an deem Ministère, dee sécherlech net deen ass, deen am mannste Sue verbrot hei am Land, geschitt.

» Une autre voix.- Très bien!

» M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).- Mir wëssen dat ze apprécieieren. An nodeems dann och an deem heite Fall, an ech schwätzen eigentlech elo vum Gesetz 6011, gesot ginn ass, dass, wa mer de Seuil vu siwen an en halleft op 40 erop héijen, wat jo net näischt ass, derfir gesuergt gëtt, dass éischstens selbstverständlech déi Projeten alleguerten an enger Motioun erakommen an dass do dernieft awer och - dat wat eben nei ass - all Fraktioun kann e Vote séparé froe fir deen eenzelnen oder deen anere Projet, fir och ganz kloer ze dokumen-téieren, dass mir net d’accord sinn, dass déi Suen an eenzel Projete ginn, mengen ech, kann ech fir déi zwee Projeten hei am Numm vun der grénger Fraktioun den Accord bréngen an hoffen, dass déi Trans-parenz, déi vun dësem Bauteminister uge-faange ginn ass, vun deem nächsten oder där nächster, wien ëmmer et ass, weider-gefuert gëtt.

Ech soen lech Merci.

» M. le Président.- Merci, Här Gira. Den Här Mehlen huet d’Wuert. Den Här Mehlen verzicht, da kritt d’Regierung d’Wuert.

» M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics.- Merci, Här President. Vlächter just zu deem éischte Projet, deen zweete kënnt jo am Prinzip eréischt duerno, wëll ech soen, datt dat hei effektiv de Complément ass zu deem, wat mer gëschter gestëmmt hunn. Wa mer gëschter d’Méiglecheheet hunn am Fonds des routes eng Rei CRe respektiv Routes-nationalen iwwert de Fonds des routes ze huelen, ass dat hei de Complément, mat deem eis d’Chamber Autorisatioun gëtt fir déi Projeten op de Stroossen, respektiv eng Rei anerer am Héichbau ze maachen.

Déi meescht Projeten, déi, déi méi deier sinn, si souwisou schonn an enger éischer Etapp virun engem hallwe Joer oder engem Joer an der Chamber duerchdiskutéiert ginn. Esou dass ech am Fong frou sinn, fir emol fir deen éischte Projet provisoresch Merci ze soen. An och Merci dem Här Gira fir déi léif Wieder. Une fois n’est pas coutume.

Merci.

» M. le Président.- Merci, Här Minister.

Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6009. Den Text steet am Document parlementaire 6009^o.

Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D’Ofstëmme fänkt un. Vote par procuration. Fin du vote.

De Projet de loi ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen; keen Neen a keng Enthaltung.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6009 est adopté à l’unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Walter Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall’Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme

Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helmingier, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Da komme mer zum Projet de loi 6011A, eng Ofännerung vun der Statskontabilitéit. Och hei ass d’Riedezäit nom Modell 1 fest-geluecht. D’Wuert huet dann de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Laurent Mosar. Här Mosar, wann ech glift.

10. 6011A - Projet de loi portant modification de l’article 80 de la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la Comptabilité et la Trésorerie de l’État

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

» M. Laurent Mosar (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och dëse Projet reit sech an dee Krisepak an, dee vun der Regierung geholl ginn ass, fir d’Konsequenze vun der Finanz-a Wirtschaftskris ze bekämpfen a fir de Standuert Lëtzebuerg fit ze maache fir d’Zäit no der Kris. Ursprünglech hat dëse Projet zwee Artikelen. Deen een, deen de Seuil budgétaire betrëft; an deen zweeten, deen de System vun der Garantie des dépôts nei regelt. Wat dësen zweete Volet betrëft, ass jo entre-temps e separate Projet déposéiert ginn, deen lech an e puer Minutte vu mengem honorabele Kolleeg Lucien Thiel wäert virgestallt ginn.

Fir elo op deen éischten an eenzegen Ar-tikel vun dësem Projet de loi anzegoen, erlaabt mer nach eng Kéier lech kuerz an Erënnung ze rufen, datt et a sech den Artikel 99 vun eiser Verfassung ass, dee regelt, ënner wat fir enge Konditiounen de Stat kann eng Propriétéit kafen oder ver-kafen. Doduerch, datt d’Constituante vun 1868 dem Pouvoir législatif wollt e Maximum vu Prérogativë ginn, ass fir esou eng Trans-aktioun a sech de Prinzip vun der Nout-wendegkeet vun engem Spezialgesetz zrëckbehale ginn.

Mat der Revisioun vun der Verfassung vum 16. Juni 1989 ass eng Ausnahm zu dësem Prinzip virgesi ginn an deem Sënn, datt iwwer e bestëmmtene Montant eraus eng Limite festgeluecht ginn ass, iwwert déi eraus e Spezialgesetz vun der Chamber gestëmmt muss ginn, fir d’Regierung ze autoriséieren de Stat ze engagéieren.

Déi Limite, déi deemols festgeluecht gi war, ass 7,5 Milliounen Euro fir all Kaf oder Ver-kaf vun engem Terrain oder engem Immeubel. Dës Limite ass allerdéngs 15 Milliounen Euro, wann déi Transaktioun iwwer eng Stee realiséiert gëtt. Dës Limite ass säitdeem net méi ugepasst ginn a si entsprécht a sech engem Index vu 503,26 Punkten. Am leschte Joer ass dëse Bauindex op 669,88 Punkten an d’Luucht gaangen, wat dann och derzou geféiert huet, datt déi Limite net méi ugepasst oder zäitgeméiss war.

Wann een haut nämlech d’Situatioun an der Realitéit analyséiert, stellt ee fest, datt schonn eng ganz Rei vu Renovatiouns-projete vu staatleche Gebaier dës Limite lar-gement iwwerschreiden. Eng Upassung vun dëser Bugdetslimite war also scho längstens iwwerfällleg. D’Regierung huet awer gezéckt dës éischer scho virze-huelen.

D’Wirtschaftskris huet dann elo derzou gefouert, datt d’Regierung am Kontext vum Krisepak eng substanzuell Erhéijung vun dëser Limite proposéiert, fir d’Realisatioun vun Infrastrukturprojeten ze accélérieren an domadder och dem Bausecteur ënnert d’Äerm ze gräifen.

De Projet gesäit also elo vir, datt d’Limite vu 7,5 op 40 Milliounen Euro eropgesat gëtt. An och wann dëse Montant sécherlech eng méi wéi Verfënneffachung vum aktuelle Betrag bedeit, schéngt déi mer dach méi wéi justifiéiert ze sinn.

Allerdéngs - an do deelen ech d’Meenung vum Statsrot - geet et net duer, datt mer elo

haut nëmmen dës Budgetsllimite an d'Luucht setzen, fir datt an Zukunft d'Projete méi schnell kënnen realiséiert ginn. Ech wëll elo haut an hei net méi op déi ganz Diskussioun agoen, déi mer och schonn an der Krisekommissioun gefouert hunn, mä sécherlech ass allerdéngs och nach d'Ver-einfachung vun den administrative Proze-duren deen aneren absolut noutwendege Corrolaire zum Eropsetze vun der Budgets-llimite. Nämlech nëmme wa mer dës zwou Konditiounen erfëllen, wäerte mer och an Zukunft déi gesaten Objektiver erreechen an domadder d'Projete méi schnell exe-kutéiert kréien.

Mir sinn eis dann och eens gewiescht, sou-wuel an der Finanzkommissioun wéi och an der Budgetskontrollkommissioun, datt d'Chamber weider eng Kontrollmissioun misst behalen, wat déi Projete betrëfft, déi iwwer 10 Milliounen Euro eraus ginn. Dës Kontroll soll ex ante, wéi dat bis elo och de Fall war, vun der Bautekommissioun virge-holl ginn. Doniewent soll dann awer och nach ex post all sechs Méint de Bilan finan-cier vun deene groussen Infrastruktur-projete vum zoustännge Minister an der Budgetskontrollkommissioun presentéiert ginn.

Dofir wäert och an e puer Minutte meng honorabel Kolleejin d'Madame Flesch, hires Zeeche Presidentin vun der Budgets-kontrollkommissioun, souwuel eng Reso-lutioun wéi och eng Motioun hei dépo-séieren, déi nach eng Kéier déi grouss Prinzipie vun dëser Kontrollsprozedur wäert beinhalten. Erlaabt mir dofir awer, nach eng Kéier ganz kuerz déi wichtegst Etappe vun dëser Prozedur duerzeleeën.

Éischtens wäert, wéi dat bis elo och de Fall war, zum 30. Juni vun all Joer de Baute-minister der Bautekommissioun eng Lëscht vu prioritäre Projete virleeën, déi min-destens e Käschtepunkt vun 10 Milliounen Euro wäerten ausmaachen. An dëser Lëscht ginn all d'Projeten opgelëscht vun deene verschiddene Ministère mat Aus-nahm vun deene Projeten, wou de Stat iwwert de Wee vun engem Subvention-nement intervenéiert.

Zweetens wäert d'Bautekommissioun dës Lëscht examinéieren an duerno en Avis ausschaffen, deen dann och am Plenum hei wäert diskutéiert ginn a wou och deene ver-schiddenen Aweise wäert Rechnung gedroe ginn. Dës Debatt soll am Prinzip déi zweet Woch Oktober spëitstens dann och statt-fannen.

Drëttens, während den Debatte wäert d'Chamber all Projete vun dëser Lëscht examinéieren. An déi Projeten eraussichen, wou se wëllt eventuell iwwert de Wee vun enger Motioun hiren Accord de principe ginn. Op d'Demande vu fënnf Députéierte mindestens kann och iwwer all eenzelne Projet iwwert de Wee vun enger separater Motioun ofgestëmmt ginn. Déi entgültig Lëscht, déi da vun der Chamber ugehall gëtt, wäert am Budgetsprojekt als eenzelnen Artikel figuréieren an domadder och de Bauteminister autoriséieren, déi néideg Fraisé fir d'Etüden zu dëse Projeten ze engagéieren.

Véiertens, fir all Projet iwwer 40 Milliounen Euro muss de Bauteminister e Projet de loi ausschaffen, an dat op Base vun engem detailléierten Avant-projet.

Fënneftens, all sechs Méint presentéiert de Bauteminister an der Budgetskontroll-kommissioun e Bilan financier vun deene groussen Infrastrukturprojeten.

Sechstens, all wesentleche Changement vum Programm nom Vote vun engem Projet muss nach eng Kéier vun der Chamber examinéiert ginn.

Siwents a leschte Punkt, wann et zu engem Dépassement vu 5% kënn, muss vun der Regierung en neie Projet de loi ausgeschafft an déposéiert ginn. Bei allen Dépassementer ënner 5% muss eng Autori-satioun am Kader vum Budget erfollegen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Prinzipie mussen also elo an eisem interne Chamberreglement integréiert ginn. Un déi huet sech dann an Zukunft souwuel d'Regierung wéi och d'Chamber ze halen. Ech kommen och domadder schonn zum Schluss.

Dëse Projet, wéi all déi aner, déi mer gëschter an haut wäerten hei diskutéieren a stëmmen, ass e wichtige Steen vun deem Mosaik, dee mer brauchen; net nëmmen, fir d'Konsequenze vun der Wirtschaft- a Finanzkris op eise Standuert ze bekämpfen, mä awer och haaptsächlech, fir eist Land an eis Wirtschaft fit ze maache fir d'Zäit no der Kris.

Ech mengen, datt et och wichtig ass, datt déi nächst Chamber spëitstens no engem Joer eng Zwëschebilanz vun all dëse

Mesuré wäert maachen, fir och ze analy-séiere wou eventuell muss nogebessert ginn a wou eventuell nach zousätzlech Akzenter musse gesat ginn.

Dat gesot, géif ech dann och heimadder d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun zu dësem Projet bréngen.

Erlaabt mer awer, well et dee leschte Projet ass, dee mer och elo hei um Niveau vun der Finanzkommissioun haten - herno kënn nach den Här Thiel -, datt ech och nach a menger Qualitéit als President de Membre vun der Finanzkommissioun Merci soe fir déi exzellent Zesummenaarbecht, déi mer iwwer fënnf Joer an där Kommissioun haten. Ech muss soen, dat war eng ganz flott Ambiance an Atmosphär. Mir hunn och do eng ganz exzellent Aarbecht gemaach. Wéi gesot, vun dëser Plaz all Kolleejinnen a Kollegen e ganz grouss Merci.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Mosar. Da kritt d'Madame Flesch d'Wuert fir den Dépôt vun enger Motioun an enger Reso-lutioun, déi se am Numm vun der Com-mission du Contrôle de l'exécution budgé-taire an am Numm vun der Finanzkom-missiouen déposéiert. Madame Flesch, wann ech gelift.

Discussion générale

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Merci, Här President. Uschlëssend un de Rapport vum honorabelen Här Mosar wëll ech ënner-sträichen, dass obschonn d'Commission de l'exécution du contrôle budgétaire net saisiéiert wor mat deem Projet de loi, dee mer elo diskutéieren, se awer gemengt huet sech misse Gedanken ze maachen iwwert d'parlamentaresch Kontroll vun den Dé-pensen a vun der Exécution budgétaire an engem Moment, wou de Seuil, fir deen e Projet de loi muss déposéiert ginn, vu 7,5 respektiv 10 Milliounen Euro op 40 Mil-liounen erhuewe gëtt, wat jo awer eng sub-stanziell Erhéijung ass.

D'Commission du contrôle budgétaire wollt sech deene Propositione vun der Re-gierung an dësen Zäiten net opposéieren, mä huet gemengt, dass een awer misst an enger Form oder där anerer eng parla-mentaresch Kontroll virgesinn. Ech wëll der Finanzkommissioun Merci soen, dass déi sech onse Suergen ugeschloss huet.

Fir déi parlamentaresch Kontroll an d'Wierk ze setzen, huet d'Commission de l'exé-cution budgétaire sech inspiréiert u Proze-duren, déi den 3. Abrëll an den 10. Juli 2006 scho festgehale gi wore bei groussen Infrastrukturprojeten, souwuel bei den Travaux publics wéi och bei den Infra-structures ferroviaires. Déi Prozedure fonc-tionnéiere säit 2006, mengen ech, zur Satis-faktioun vun der Regierung a vun der Chamber.

En accord mam Minister vun den Travaux publics a mam Ministre des Transports hunn dunn d'Commission du contrôle de l'exé-cution budgétaire an d'Commission des Finances der Chamber proposéiert déi Prozedure llicht ze modifiéieren, fir se un den aktuelle Stand ze adaptéieren a fir der jëtzege Situatioun Rechnung ze droen.

Ech wëll hei ausdrécklech dem Travaux-publiques-Minister an dem Transport-minister fir hiren Accord Merci soen. Dat ass an enger ganz flotter Diskussioun iwwert d'Bühn gaangen. Elo geet et drëm déi Prozeduren ze approvéeieren. Den Här Mosar ass schonn am Detail drop agaange wéi déi Prozedur, souwuel bei den Travaux publics wéi och bei den Infrastructures ferroviaires, also beim Ministère des Trans-ports, soll ausgesinn.

Ech wëll vläicht kuerz ervirsträiche wat d'Ännerunge sinn am Text, deen Iech elo virläit, par rapport zu den Texter, déi 2006 adoptéiert gi waren. Selbstverständlech ass de Seuil vu 7,5 op 10 Milliounen eropgesat ginn. Et ass och virgesi ginn - an dat ass eng Neierung -, dass wann d'Chamber déi Lëscht vun de prioritäre Projete festhält am Kader vun enger Motioun, dass da kann e separate Vote iwwer ee bestëmmte Projet geholl ginn, wa fënnf Deputéierten au moins dat froen. Dat wor bis elo net vir-gesinn.

Et ass eng nei Dispositioun agebaut ginn, déi eng Praxis consacréiert, déi den Tra-vaux-publics-Minister luewenswäerterweis ageféiert huet an déi doranner besteet, dass en all sechs Méint bei d'Commission de l'exécution budgétaire kënn, fir Rapport ze maachen iwwert de Finanzbilan vun der Réalisatioun vun de grouss Projets d'infra-structure.

Da schliesslech - lescht Ännerung -: Bis elo waren déi zwou Prozeduren einfach vun der

Commission de l'exécution budgétaire décidéiert. Elo gëtt proposéiert, datt se sollen als solch vun der Chamber a Plenar-sitzung approvéeiert ginn an datt se sollen an d'Reglement vun der Chamber incor-poréiert ginn.

Dat, Här President, ass den Objet vun där Resolutioun, déi, ech mengen, scho misst an Ären Hänn sinn an déi ënnerschiwwen ass vun den honorabelen Häre Bausch, Fayot, Mehlen, Mosar a vu mir selwer.

Résolution 1

La Chambre des Députés,

- *considérant l'adoption du projet de loi portant modification de l'article 80 de la loi modifiée du 8 juin 1999 qui porte le seuil au-dessus duquel doit être autorisé par une loi toute aliénation d'une propriété immobilière appartenant à l'État, toute acquisition par l'État d'une propriété immobilière, toute réalisation au profit de l'État d'un projet d'infrastructure ou d'un bâtiment, et encore tout autre engagement financier, y compris les garanties de l'État, de 7.500.000 à 40.000.000 euros;*

- *considérant le bien-fondé en cette période de crise économique du souci de simplifier les procédures pour permettre à l'État de hâter la réalisation de projets d'envergure et d'encourager ainsi l'activité économique;*

- *considérant, toutefois, la nécessité d'assurer un contrôle parlementaire adéquat et du choix des priorités en matière de projets d'infrastructure et de la réalisation de ces projets;*

- *considérant l'adoption de versions révisées des procédures à suivre en matière de préparation et de présentation de nouveaux projets d'infrastructure dans les domaines des travaux publics et des infrastructures ferroviaires par la Commission du Contrôle de l'Exécution budgétaire le 20 avril 2009, en accord avec les Ministres concernés;*

- *approuve les procédures ainsi mises au point et reprises en annexe;*

- *invite la Commission du Règlement à veiller à l'incorporation desdites procédures au Règlement de la Chambre des Députés.*

(s.) Colette Flesch, François Bausch, Ben Fayot, Robert Mehlen, Laurent Mosar.

Déiselwecht Signatairen hunn och op Wonsch vun deenen zwou parlamen-taresche Kommissiounen eng Motioun agereecht. Déi riicht sech natierlech un d'Regierung. An déi invitéiert d'Regierung derfir ze suergen an der Zukunft, dass déi Prozeduren, esou wéi se hei festgeluecht sinn, mutatis mutandis vun alle ministé-riellen Departementer ugewant ginn, bei de Projets d'infrastructure, déi susceptibel sinn e Käschtepunkt vu weinstens zéng Mil-liounen ze erreechen.

Dat ass - dat wëll ech hei net verheem-lechen - d'Konsequenz vun enger laanger Debatt, déi mer an der Budgetskontroll-kommissioun haten iwwert de Projet „Musée de la Forteresse“ a wou mer all der Meenung waren, dass een an Zukunft esou Situatioune sollt évitéieren. Dofir de Wonsch un d'Regierung, dass an Zukunft déi Pro-zedur och ugewant gëtt, esou wéi se sech fir déi éenzel Ministère applizéiert.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- *considérant l'adoption du projet de loi portant modification de l'article 80 de la loi modifiée du 8 juin 1999 et portant le seuil prévu audit article de 7.500.000 à 40.000.000 euros;*

- *considérant l'adoption par la Chambre des Députés de versions révisées des procédures à suivre en matière de prépa-ration et de présentation de nouveaux projets d'infrastructure mises au point en accord avec le Ministre des Travaux publics et le Ministre des Transports;*

invite le Gouvernement

- *à veiller à ce que ces procédures soient appliquées, mutatis mutandis, par tous les départements ministériels lors de la mise en œuvre de projets d'infrastructure sus-ceptibles d'atteindre un coût d'au moins 10.000.000 euros.*

(s.) Colette Flesch, François Bausch, Ben Fayot, Robert Mehlen, Laurent Mosar.

Här President, domadder wéilt ech meng Interventioun ofschlëissen. Mä ech wéilt awer och nach am Numm vun der DP-Fraktioun dem Rapporteur, dem Här Mosar, Merci soe fir déi Rapporten, déi en zum Projet de loi 6011A virgedroen huet. An ech wëll och den Accord vun onser Fraktioun zu deem Projet de loi ginn.

Ech soen Iech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Flesch. Dann huet nach d'Wuert gefrot zum Projet de loi den Här Roger Negri. Den Här Negri huet d'Wuert.

» **M. Roger Negri (LSAP).** - Här Pre-sident, Dir Dammen an Dir Hären. Erlaabt mer fir d'éischt dem Rapporteur, dem hono-rabele Kolleg Laurent Mosar, Merci ze soe fir säin exzellente schrëftlechen a mënd-leche Rapport. Ech wëll him och Merci soen als President vun der Finanzkommissioun fir déi gutt a konstruktiv Zesummenaarbecht, déi mer do haten.

Den ekonomeschen a finanzielle Kontext hunn d'Virriedner gëschter an haut in extenso duergestallt. An notamment de Kolleg John Castegnaro, deem gëschter als éischte Riedner d'Missioun zoukomm ass an der Serie vu Gesetzer zum Konjunkturprogramm fir d'Relance vun eiser Eko-nomie den Optakt ze maachen. Heibäi goufen d'Finanz- an d'Wirtschaftskris mat hire Konsequenzen duergestallt an op de grouss Risque vu Chômage a soziale Spannungen higewisen, an domat de Réck-gang vun de Steuerrecettë fir de Stat an doraus d'Budgetsdefiziter generéieren.

D'Politik huet schnell reagéiert an hir Verant-wortung iwwerholl, souwuel op internatio-nalem, europäeschem an nationalem Niveau. Zilstrebeg si Mesuren ergraff gi fir d'Kris anzedämmen, d'Wirtschaft erëm unzekuerbelen an d'sozial Auswirkungen ofzefierderen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Här President, de Projet de loi 6011A vun haut ass een Deel vun deene Mesuren, duerch déi d'Konjunktur soll relancéiert ginn, an domat och d'Beschäftegung ofge-sécherst soll ginn no deem Plan de conjonc-ture, deen d'Regierung de 6. Mäerz 2009 virgeluecht huet.

D'Regierung proposéiert der Chamber an dësem Projet de loi de Seuil fir grouss finan-ziell Engagementer vum Stat, déi duerch d'Gesetz autoriséiert musse ginn, vu 7,5 op 40 Milliounen Euro unzehiewen; woubäi ee soe muss, dass déi 7,5 Milliounen Euro duerch d'Upassung un de Bauindex schonn op 10 Milliounen Euro an d'Luucht gaange sinn.

D'Regierung ass der Meenung, dass si doduerch méi séier kleng a mëttel Bau-projete réaliséiere kann, well dee Wee duerch d'legislativ Instanzen dann ewech-fält, an dat och dat probat Mëttel ass fir d'Konjunktur ze relancéieren, d'Beschäf-tegung ofzesécheren a last but not least duerch d'Verbesserung vun den Infra-strukturen eist Land op d'Zukunft virze-bereeden an domat d'Kompetitivitéit an d'Liewensqualitéit ze verbesseren.

Här President, trotzdeem wëll ech be-mierken - an de Statsrot huet a sengem Avis menger Meenung no mat Recht och drop higewisen -, dass d'Retarden an och d'Dépassementer, déi mer an der Ver-gaangenheet bei bal all gréissere Bau-projete kannt hunn, wuel kaum op d'legis-lativ Prozeduren zréckzeféiere sinn. Deemno wäert sech elo eraustelle mussen, ob dann an Zukunft, mat deem neie Seuil vu 40 Milliounen Euro der Chamber e Gesetz virgeluecht muss ginn, déi Problemer alleguer wäerte geléist sinn.

An der Finanz- a Budgetskontrollkom-missiouen si mir eis absolut bewosst ge-wiescht, dass d'Chamber mat der Un-hiewung vun dësem Seuil e wichteg Kon-trollinstrument deelweis aus der Hand gëtt.

Loosst eis wann ech gelift net vergiessen, dass d'Budgetskontroll eng vun deenen zentrale Kompetenz vum all Parlament an enger Demokratie ass. Mir hunn dowéinst no enger alternativer Prozedur gesicht fir sécherzestellen, dass d'Chamber d'Kontroll iwwert d'Opportunitéit vu Projeten net ver-léiert an dofir am Viraus agebonne bleift, wann d'Décision de principe geholl gëtt, fir dësen oder dee Projet ze réaliséieren.

Déi Prozedur, déi mir elo festgehalten hunn, an déi och an eist internt Chambers-reglement stoe kënn, inspiréiert sech un där Prozedur, déi mer virun dräi Joer fir déi Grands projets d'infrastructure agefouert hunn.

Ervirsträiche wëll ech hei besonnesch, dass déi nei Prozedur fënnef Deputéierten d'Méiglechkeet gëtt, eng Motioun anze-reechen, fir iwwer en eenzelne Projet ofstëmmen ze loossen. Domat ass der Chamber d'Méiglechkeet ginn, ee vun der Regierung virgeluechtene Package vu Projeten net in globo akzeptéieren ze mussen, mä deen een oder deen anere Projet iwwert dëse Wee ze hannerfroen.

Ech hoffen, dass och déi zukünfteg Regie-rungen hirem Engagement en bonne et due forme nokommen an d'Chamber regel-méisseg ëmfaassend a virun allem prezis iwwert de Stand vun de Projeten infor-méieren, wa se feststellen, dass e Projet riskéiert, aus dem Rudder ze lafen.

Doriwwer eraus stellt sech awer och op en Neits d'Fro, wéi laang d'Chamber nach ge-denkt wichteg Pouvoiren ofzeginn, fir dann duerno iwwert de Wee vun ëmmer neien Ersatzprozeduren ze versichen, awer erëm d'Kontroll iwwert d'Regierungsarbecht auszeüben.

D'Fro stellt sech deemno och, ob et net un der Zäit wär - an ech mengen, et wär elo wierklech un der Zäit - fir eis gesamt Budgetsapproche ze hannerfroen an ze veränneren.

Wéi solle mer an Zukunft eise Budget op-stellen? Wat ass d'Roll vun der Chamber a wat ass d'Roll vun der Regierung? Wéi kënnen mer méi effikass schaffen, eis Budgetsperformance verbessern a mat deem Geschéck och Geld aspueren, ouni d'Leeschturen aschränken ze mussen?

Här President, dat sinn déi Froen, déi ech den 18. Mäerz 2009 versicht hu mam Dépôt vu menger Proposition de loi ze beänt-werten, andeems ech virgeschloen hunn, zu Lëtzebuerg eng zilorientéiert Reform vun eiser Bugetsarchitektur a Budgetsprozedur nom Modell vun der franséischer LOLF anzeféieren.

Duerch dës Reform géif eis Chamber erëm däitlech u Pouvoir gewinnen a mir géifen eis generell an net nëmmen als punktuellen Ersatz d'Instrumenter ginn, fir de Budget no Effizienzkritären opzestellen, ze exeku-téieren an an engem permanente Prozess och ze evaluéieren an ze kontrolléieren.

Ech hoffen, dass d'Regierung déi Propo-sition de loi positiv aviséiert an an der nächster Legislaturperiod schnell op dësem Wee weiderkënnst am Sënn an am Intérêt vum Bierger, fir méi Transparenz an am End-effekt fir méi Demokratie.

Domat ginn ech den Accord vu menger LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi a soenlech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Negri. Et ass soss kee Riedner méi ageschriwwen.

Pardon, den Här Mehlen huet nach d'Wuert.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Merci, Här President. Den Artikel 99 vun der Constitution huet et a sech. Mer begéinen e ganz dacks an eise Kommissiouns-aarbechten erëm. Dann hu mer ëmmer erëm animéiert Diskussiounen doriwwer, wéi een dem Geescht vun deem, wat do an deem Artikel 99 steet, wat e Finanzartikel ass, kéint gerecht ginn.

Et steet zu Recht am Rapport - wou ech dem Rapporteur bei dëser Geleeënheet och wëll Merci soen -, datt d'Pappe vun der Constitution 1868 der Chamber wollte Prérogativen araumen, fir all gréissere Projet duerch Spezialgesetz ze autoriséieren, datt d'Regierung net kéint gréisser Projeten, gréisser Acquisitiounen, och gréisser Dépenses tout court soll kënnen maachen, ouni datt d'Chamber am eenzelne Fall hir Approbatioun dozou ginn hätt.

Mir mengen, datt dee Prinzip nach wie vor richtig wär. An d'Diskussioun geet jo haut am Fong geholl och haaptsächlech ëm d'Héicht vun deem, wou dann déi Loi spéciale soll noutwendeg sinn.

Déi 7,5 Milliounen, déi mer de Moment am Gesetz stoen hunn, sinn d'Ëmsetzung vun deenen 300 Milliounen vu virdrun - 300 Milliounen Frang. Dat soll elo op 40 Mil-liounen eropgesat ginn. Et gëtt eis gesot, wa mer d'Adaptatioun géife maache vun der Geldentwärtung, da wäre mer bei zéng

Milliounen. Dat heescht, mer maachen hei eng Vervéierfachung vun deem, wat mer virdrun haten.

Elo kann ee soen, dat ass eng Noutwendeg-keet an dëser Zäit. Et ass jo och d'Haupt-argument, datt mer méi séier virukommen. Mir weisen awer dorop hin, datt 40 Mil-liounen, och wann dat no net vill kléngt - fir déi, déi nach gewinnt sinn, a Frangen ze denken: Dat sinn 1,6 Milliarde Lëtzeburger Frang. Dat ass net näischt. Dat ass enorm vill Geld, besonnesch an Zäiten, wou es net vill an de Statskeesen ass, an déi wäerten eis an deenen nächste Joren net erspuert bleiwen.

Här President, an der Vergaangenheet sinn, ouni datt d'Chamber gefrot ginn ass, vill Dommheete geschitt an et ass vill Geld hei am Land verschwent ginn. Ech hunn dat virun e puer Deeg schonn hei op der Tribün gesot.

De Kolleeg vun deene Gréngen, Camille Gira, huet elo grad de CITA-System er-nimmt: Deen ass esou ugelaft, deen ass op eng kéier ausgeuert. Mir iergeren eis haut, wann een dat kritesch kuckt. Mir sinn haut bei dräi där aler Milliarden. Et ass schreck-lech vill Geld, wat et kascht huet. Et kascht nach all Dag, an et bréngt iwwerhaupt näischt, effektiv.

Ech huelen eng aner Geschicht. Dat ass den e-go-Billjee, deen och esou ugekéiert ginn ass. Dee sollt dräi an eng hallef Millioun Euro kaschten, wéi et ugaangen ass. „Oh, wéi gesot, et ass e Projet-pilote. Mir kucken emol, wéi dat sech da weider-entwéckelt.“

De fréiere Minister Grethen huet eis an der Kommissioun gesot, op eng kéier hätt en en Devis virgeluecht kritt vu 7,46 oder 7,47 Mil-liounen, an e sot: „Bei mir si sämtlech rout Luuchten ugaangen, wéi ech de Montant gesinn hunn.“ Dat heescht, et ass probéiert gi fir et nach ënnert dem Montant ze halen - deene 7,5 -, wou muss e Gesetz gestëmmt ginn.

Dir wësst alleguer, wéi d'Spillchen aus-gaangen ass. D'Chamber huet, well mer de Seuil vu 7,5 nach haten, leider, muss ech soen, mir hunn et jo net gestëmmt, der Regierung Feu vert ginn, fir deen on-sënnenge Projet do, dee fuerchtbar deier ass an näischt bréngt, weiderzeféieren.

Elo si mer an der Noperschaft vun 19 Mil-liounen Euro, dat heescht 750 Milliounen där aler Frang, fir näischt ze hunn, a wann dann nach een, ouni datt en e-go-Billjee huet, wëllt mam Zuch oder mam Tram fueren, da muss awer een do sinn, deen him kann där aler Billjeeën ee verkafen. Ech huele jo net un, datt dee refuséiert kritt, fir kënnen mam öffentliche Transport ze fueren.

Nëmmen fir dat ze soen: Et ass ganz séier eppes ugefaangen an et leeft aus dem Rudder an dann herno brauch kee Rechen-schaft ofzeleeën. Et ass awer eng Barrière, wann eng Regierung muss kommen an e Projet de loi deponéieren a sech dann och nach hei der öffentlecher Diskussioun stellen, woufir datt dat da kromm gelaf ass. Am anere Fall wësse mer jo, wéi et geet: Da bleift awer villes an de Kommissiounen hänken.

Här President, mir hu Verständnis derfir, datt elo hei gemengt gëtt, mir missten dee Montant eropsetzen, fir datt et méi séier géif goen. Mir wëllen och, a mir hunn dat jo mat ënnerschriwwen, ënnersträichen, datt villes sech gebessert huet an der Kommissioun, am Suivi vun de Projeten, an der Prepa-ratioun vun de Projeten, wou d'Chamber schonn eng Autorisation préalable gëtt.

Mäi Virriedner huet d'ënescht de Minister Wiseler gelueft, datt en esou kooperativ mat der Chamber géif schaffen.

Wie weess dann, ob mer déi nächste kéier de Minister Wiseler nach hei hunn an ob deen nächste Minister dann erëm esou kooperativ ass?

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

Mir fanne jiddefalls, datt d'Chamber net muttwëlleg sollt Prérogativen aus den Hänn ginn, déi se bis elo huet. Déi Gesetzter, déi mer hei fir d'Realisatioun vu Projete stëmmen, si reng Finanzéierungsgesetzter. Ech mengen, mir wëssen et alleguer. Si hunn an der Regel dräi Artikelen. A mir wëssen, wéi séier datt hei eppes duerch d'Chamber geet, wann et séier muss goen. Ech mengen, mir hunn et dëser Deeg erëm erlieft.

Dat heescht, och näischt schwätzt dergéint, datt mer dee Seuil e bëssen eropsetzen. Mir wären och d'accord, datt een dat ëm 50% géif maachen. Dat heescht déi aktualiséiert 10 Milliounen op 15 Milliounen eropgesat hätt. Mir sinn awer net d'accord, fir bis op 40 Milliounen ze goen.

Dat ass wierklech eng Vervéierfachung vun deem, wat bis elo war, an duerfir kënnen mir dësem Projet d'Zoustëmmung net ginn.

Ech soenlech Merci.

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Mehlen. D'Wuert huet elo den Här Minister Claude Wiseler.

» **M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics.** - Jo, ech wëll och hei vill-mools Merci soe fir déi grouss Ënner-stëtzung, déi zu deem hei Projet komm ass. Wéi gesot, dat ass dee leschten Deel an där ganzer Serie vu Projeten, fir d'Baute méi séier, méi effikass, méi transparent ze maachen. Mir hunn elo dee ganze Pak bal ënner Dach und Fach. Dat hei ass en extrem wichtegen. Net awer, datt et dee Projet ass, deen eis elo eleng hëlleft, méi schnell weiderzekommen. Duerfir hu mer jo och nach déi aner Projete gemaach. Hei sinn dräi, véier, fënnef Etappen an enger Prozedur, déi sech uneneereien, wou mer bei all Etapp zwee, dräi, véier Méint kënnen gewinnen. Wann een dat zesammenzielt, gi mer hei gemeinsam méi schnell a méi effikass.

(Coups de cloche de la Présidence)

Zweetens, dat, wat och an deene Mo-tiounen, Resolutiounen vun der Chamber hei gesot ginn ass, an déi selbstverständlech, wat d'Motioun ugeet, vun der Regierung kënnen akzeptéiert ginn - an d'Resolutioun hu me jo zu engem Deel gemeinsam dis-kutéiert -, ass et och esou, datt d'Chamber vun hire Kontrollprerogativë keng verléiert. Mir gi just en anere Wee, wou mer déi Kon-troll do exercéieren.

Fir mech ass wichteg, dass d'Chamber hir Kontroll hält, datt d'Chamber d'Kontroll vun der Opportunitéit huet, wou se ka mat-schwätzen. Datt d'Chamber ganz am Laf vun der Realisatioun vun engem Projet all kéier d'Méiglechkeet huet, fir och ze kontrolléieren, wou mer dru sinn, schéngt mer eng absolut Normalitéit. Mat deene Prozeduren, déi mer eis hei ginn hunn, garantéiere mer dat.

Ech soen de Rapporteur vun deenen zwee Projete villmools Merci fir déi Aarbecht, an lech och fir d'Ënnerstëtzung.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Dir Dammen an Dir Hären, solle mer den nächste Projet och elo nach direkt huelen, an da maache mer de Vote iwwert déi zwee plus d'Motioun an d'Resolutioun?

(Assentiment)

Voilà, dann huele mer den 6011B iwwert de Finanzsektor. Rapporteur ass hei den honorabelen Här Thiel.

11. 6011B - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

» **M. Lucien Thiel (CSV), rapporteur.** - Merci, Här President. Kolleeginnen a Kol-leegen, Här Minister: Wien A seet, muss och B soen. De Laurent Mosar huet den A-Deel vun deem Projet, iwwregens, dem Laurent Mosar, deem mir als President vun der Finanzkommissioun an am Numm vun de Kolleegen aus der Finanzkommissioun Merci däerfe soe fir seng dynamesch Pre-sidentschaft, heiansdo hektesch, mä awer ëmmer op Fortkommen beduecht.

(Interruptions)

An ech hunn dann elo d'Éier, de B ze maachen, a wann ech elo explizéieren, ëm wat et an der B-Versioun geet, da verstitt Der, firwat de Statsrot dorop gehalen huet, fir den A vum B hei an dësem Gesetz ze trennen. Déi zwou Saachen hunn effektiv glat guer näischt mateneen ze dinn.

Dir Dammen an Dir Hären, Här President, wann eng Bank Faillite geet, wéi dat ufanks den 90er Joren de Fall bei eis mat der berühmter a berüchtger BCCI war, oder wann enger Bank hir Insolvenz festgestallt gëtt, wéi dat virun e puer Méint mat der Lëtzeburger Filial vun der islännescher Kaupthing-Bank passéiert ass, dann hunn d'Clientë vun där Bank en Usproch op Schuedenersatz. Dat Recht gëtt et säit 1989 op eiser Finanzplaz, am Ufank op der Basis vun enger fräiwëlleger Associatioun vun de Banken, duerno opgrond vun zwee Ge-setzer, dat eent vun 1997, dat anert vum

Joer 2000, mat deenen déi zwou euro-päesch Direktiven a Lëtzeburger Recht ëmgesat goufen, déi d'Garantie vun de Bankdépôtë souzesoe consacréiert hunn.

Am Ufank vun dësem Joer kouw dann eng drëtt Direktiv derbäi, an ëm där hir Ëm-setzung geet et haut. D'Entscheidungeg vun de BCCI-Clienten - dat waren der ronn 2.300 zu Lëtzebuerg - gouf deemools nach ouni gesetzleche Kader vun der Association pour la garantie de dépôt, ofgekierzt AGDL, opgrond vun där hire Statuten ofgewéckelt. Gutt 1.600 BCCI-Clienten haten hir Uspréch gemellt a waren och indemniséiert ginn. Au fur et à mesure wéi d'Clientë sech gemellt hunn, goufen d'Entscheidungegen an d'Tranchen - et waren der insgesamt sechs - ausbezuelt. D'Banke kruten all kéier eng Rechnung vun der AGDL an hunn au prorata vun der Héicht vun den Dépôtë vun hire private Clientë misse bezuelen.

Am Contraire zu anere Länner, wéi zum Bei-spill Däitschland, hu mir kee Fong, deen no an no vun de Banke gefiddert gi wär, mä e sougenannten Ex-post-System. Op dee konnte sech d'Banken allerdéngs doduerch astellen, datt si am Laf vun de Jore Provi-siounen an hirem Bilan gebilt hunn, fir esou fir den Eeschtfall preparéiert ze sinn. Neier-déngs ass esou eng Provisioun souguer Vir-schrëft.

Bei der Ëmsetzung vun deenen zwou éischten Direktive gouf d'1993er Banke-gesetz esou ofgeännert, dass et den Acteurs virgeschriwwen huet, jiddweree vun hinne misst engem Garantiesystem uge-héieren - et gouf allerdéngs nëmmen een, do war et einfach -, an dee System misst de Clienten am Eeschtfall da bis zu enger Héicht vun 20.000 Euro Verloschter er-setzen.

Mat der Finanzkris d'lescht Joer ass och d'Dépôtgarantie erëm en Thema ginn, well op eemol d'Gefor vu Bankfaillitë ganz konkret ginn ass. Zu Bréissel an der Bréisseler Kommissioun hu se festgestallt, datt déi meescht Länner weiderhin um Minimum vun 20.000 Euro gekluddert hunn, obwuel d'Kontestänner an der Tëschen-zäit jo däitlech gewuess waren.

Op där anerer Säit war d'Meenung op-komm, datt deen Délai, bannent deem d'Clientë mussen entschiedegt ginn, mat dräi Méint vill ze vill laang wär. Duerfir huet d'Bréisseler Kommissioun eng nei Direktiv erausginn, déi net nëmmen de Mindestsaz vun der Entscheidungeg eropgesat huet - an enger éischer Etapp ware 50.000, duerno 100.000 Euro virgesinn -, mä an engens och den Délai fir d'Ausbezuelse vun dräi Méint op dräi Deeg erofgesat huet.

Wéi dat an der Praxis soll fonctionnéieren, kann allerdéngs nach kee soen. Mir hunn deemools fir d'BCCI annerhalleft Joer ge-braucht.

Well Lëtzebuerg entre-temps, Här Pre-sident, béis an d'Gespréich gerode war duerch d'Insolvenz vun der Kaupthing Lëtzebuerg, där hir meescht Clienten duerch d'Acquisitioun vun der Belscher Robeco-Bank an der Belsch souzen, war eis Regierung der Meenung, et misst een der Renommée vun eiser Plaz zuléift déi Etapp vu 50.000 direkt iwwersprangen a gläich op 100.000 Euro goen.

Dee Montant geet anscheinend duer, fir an der europäescher Moyenne - well soss gëtt et keng Chifferen - gutt 90% vun de Clients-dépôtën total ofzedecken. Fir d'Kaupthing-Clientë koum déi Décisioun, déi aus Zäit-grënn nach séier an den 2009er Budget ge-paakt gouf, allerdéngs ze spéit. Si goufen nach nom ale Modell, dat heescht bis maximal 20.000 Euro, vun der AGDL indem-niséiert.

Doduerch, datt d'Garantie scho vum 1. Januar un dëst Joer op 100.000 festge-luecht ass, bleiwen eis haut eigentlech nëmmen méi zwou Dispositiounen vun der Direktiv ëmzesetzen, an zwar déi, datt d'Banken hir Clienten nach besser wéi bis elo iwwert d'Bestëmmunge vun der Ga-rantie an d'Bild setze mussen an datt déi eenzel Garantiesystemer, grenziwwer-schreidend Systemer oder Fongen, jee nodeem, grenziwwerschreidend zesumme-schaffe mussen, wann am Fall vun enger auslännescher Néierloosung d'Garantie vun der Mamm duerch déi méi favorabel vum Gaaschtland nach géif ergänzt ginn.

Den eigentleche Problem vun der Lëtze-burger Dépôtgarantie, nämlech deen, wien dat Ganz bezuele soll, ass domadder awer nach laang net geléist. D'Regierung wollt déi Léisung der CSSF zouschousteren, ass awer domat op eng formell Oppositioun beim Statsrot gestouss. Dat huet dann zur Folleg, datt et mat dësem Gesetz elo nach net wäert gedoe sinn.

De Problem ass deen, datt elo de Montant vun der Garantie ëm dat Fënneffacht erop-